N°2767
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.08.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. August 2025

Här Präsident,
sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Inneminister an de Kulturminister weiderzeleeden.

Gebaier, déi eng héich geschichtlech, architektonesch oder kulturell Valeur hunn, an där hiren Erhalt am ëffentlechen Intressi ass, kënnen duerch e Klassement als nationaalt Kulturierwe geschützt ginn.

2023 waren zu Lëtzebuerg 1.066 Gebaier a Géigestänn als Patrimoine culturel national klasséiert, woubäi déi grouss Majoritéit vun den Objeten zu der Kategorie vum Patrimoine rural et urbain ka gezielt ginn, gefollegt vum Patrimoine religieux.

Niewent de Privatleit, déi geschützte Gebaier an hirem Besëtz hunn, si virun allem d'Gemengen an de Staat fir d'Valoriséiere vun hirem Patrimoine zoustänneg.

Leider muss een awer ëmmer méi oft feststellen, dass klasséiert Gebaier eidel stinn oder net méi genotzt ginn - wéi z. B. dat aalt Paschtoueschhaus zu Boufer, dat zënter 25 Joer onbenotzt a net renovéiert ass, an ëmmer méi verfält.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung dës Froe stellen:

- Wéi vill Gebaier sinn aktuell als Patrimoine culturel national geschützt?
- Wéi vill vun dëse Gebaier si jeeweils an der Hand vum Staat, de Gemengen a Privatpersounen?
- Wéi vill vun de Gebaier, déi an der Hand vum Staat oder de Gemenge sinn, kënnen aktuell fir Wunnzwecker genotzt ginn? Wéi vill vun dëse Gebaier kënnen aktuell fir kulturell oder gesellschaftlech Zwecker genotzt ginn? Wéi vill vun dëse Gebaier stinn aktuell eidel a sinn och net fir bestëmmten Evenementer oder Visitten op?
- Wéi vill vun de Gebaier, déi aktuell net genotzt ginn, kéinte fir Wunnzwecker genotzt ginn no enger entspriechender Renovatioun? Wéi vill kéinten der fir kulturell oder gesellschaftlech Zwecker genotzt ginn no enger entspriechender Renovatioun? Wat ass mat deenen anere Gebaier?
- Wéi eng Strategie verfollegt d'Regierung, fir gemeinsam mat de Gemengen e Leerstand respektiv eng Net-Verwendung vu geschütztem Patrimoine ze vermeiden?
- Wat ass der Regierung hire Projet fir dat scho genannte Paschtoueschhaus zu Boufer?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Georges Engel
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu